



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06. Dezember 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Energie an un d'Madamm Minister fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.

Den Här Minister Turmes huet den 3. Dezember 2019 an der Chamber gesot, wann ech hie richteg verstanen hunn, datt Lëtzebuerg fir déi néideg Energie fir Google kënnen, a klimapolitesch verrietbarer Form ze liwweren, géint Bezuelung, statistesch Transferten aus dem Ausland virhuele géing („fir déi national Bilanz zoukafen“). Google selwer géing um Site ronn 5 MW Solarenergie produzéiere plus, ënnert der Konditioun datt adequat Sitte fonnt géifen, och Wandenergie. Gebraucht géifen am Ganze ronn 200 MW, dëst awer eréischt wann déi zwou Ausbaustufe vum Datenzentrum fäerdeg wäeren. Google géing awer Verträge fir erneierbar Energie ze produzéieren am Ausland ofschléissen, an zwar an der Belsch.


Wat d'Uelzecht ugeet, esou sot den Här Minister, datt jee no Betriebstemperatur vum Datazentrum vläicht héchstens misst e puer Deeg am Joer gekillt ginn. Dat wäere jo awer da warscheinlech déi besonnesch waarm Deeg, wou, statistesch gesinn, de Waasserstand vun der Uelzecht souwisou schon niddreg ass. Ausserdeem misst dann an esou Wiederkonditiounen, an deene mam Drénkwaasser wéinst der Hëtzt fir gewéinlech méi virsiichteg ëmgaange gëtt, wuel op d'SEBES zrëckgegraff ginn.

An deem Zesammenhank wollt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi héich wär de Käschtepunkt fir de Staatsbudget fir statistesch Transferten aus dem Ausland ze maachen déi de Géigewäert fir eis national Klimabilanz vun der Consumatioun vu Google duerstellen, déi Google net ka selwer mat erneierbaren Energien ofdecken?
2. Wa Google an Eegeregie Solar- a Wandenergie produzéiert, géingen déi an en Netz agespeist ginn, respektiv géing Google fir déi Energie an iergend enger Form bezuelt ginn (z.B. iwwer Subventiounen fir erneierbar Energien)? Wéi vill géing dat ausmaachen?

3. Kéint Google bei engem niddrege Waasserstand vun der Uelzecht an allgemenger Drénkwaasserknappheet gezwonge ginn fir d'Betriebsmodalitéite vum Datazentrum techesch esou unzepassen, datt manner Killwaasser verbraucht gëtt? Wäre et méiglech bei Waasserknappheet de Betrib eventuell fir eng gewëssen Zäit ganz ze stoppen?
4. Ass geplangt, datt Google eng Waasserreserv fir Killzwecker uleet?
5. Wéi en Effet huet d'Killung vum Google-Datazentrum op d'Temperatur vun der Uelzecht? Wéi vill Killwaasser gëtt nees an de Floss zrëckgefëiert? Wéi eng maximal Temperatursteigerung géng d'Uelzecht verdroen ouni negativ Auswierkungen op d'Natur? Wou gëtt déi Temperatur zu Biissen gemooss (am Flosslaf virun an hannert dem Datazentrum?) a wat geschitt am Summer bei souwisou scho méi héije Waassertemperaturen? Wéi eng maximal Temperaturwäerter gëlle fir d'Uelzecht?
6. Den Här Minister huet vu Beispiller am Ausland geschwat wou d'Ofwäermt vun engem Datazentrum fir d'Hëtze vun Haiser gebraucht gëtt. Hien huet vun 20.000 Haiser zu Helsinki geschwat. Do gëtt et zu Hamina, net wäit vun Helsinki, e Google Datacenter dee mat Mierwaasser gekillt gëtt. Kann hien do seng genee Sourcen iwwer en Heizungsprojet uginn? Wéi a wou wär esou eng Iddi eventuell hei zu Lëtzebuerg ze realiséieren?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten